setz iwwert d'École de la 2e Chance. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Lex Delles.

Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

3. 6629 - Projet de loi modifiant la loi du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Merci villmools. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Kader vum Débat iwwert d'Aféierung vun enger Schoul vun der zweeter Chance den 30. Abrëll 2009 hei am Haus hu verschidde Riedner drop higewisen, dass et kee gutt Zeeche fir e Bildungssystem wier, wann esou eng Schoul misst geschafe ginn. D'Ursaache vum Échec an dem Décrochage scolaire misste besser ugepaakt ginn, fir dass esou eng Schoul eigentlech net néideg wier.

Dës Aussoe ware sécherlech richteg, mä richteg ass awer och, dass d'École de la 2e Chance an deene leschte Jore gewisen huet, dass si eng Plaz an eisem Schoulsystem huet an dass si eng exzellent Aarbecht leescht.

Erlaabt mer duerfir, dass ech op dëser Plaz de Responsabele vun der Schoul, den Enseignanten an de Formateure fir hiert Engagement an hir gutt Aarbecht beim Opbau an am Alldag félicitéieren.

Här President, ech kommen dann zum Projet de loi selwer. E puer Wierder zu der legislativer Prozedur: Den Text gouf de 5. Dezember 2013 nach vun der viregter Éducationsministesch, der Madame Delvaux-Stehres, déposéiert.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

De 5. Februar vun dësem Joer huet d'Éducationskommissioun mech zum Rapporteur vum Projet de loi designéiert. De Statsrot huet säin Avis de 25. Februar respektiv säin Avis complémentaire den 3. Juni ofginn.

A sengem éischten Avis huet de Conseil d'État dräi Oppositions formelles formuléiert. Dës hu sech mat der Fro vun der Applikatioun vum Artikel 23 vun der Constitutioun, deen d'Organisatioun vun der Schoul regelt, respektiv mat der Mise en vigueur vu verschiddene Modifikatioune beschäftegt. D'Kommissioun huet de Remarquë vum Statsrot Rechnung gedroen an de Projet de loi entspriechend amendéiert, soudass de Statsrot a sengem zweeten Avis gréng Luucht fir den Text konnt ginn. Avise vun de Chambres professionnelles louche keng vir. Schlussendlech ass de Rapport den 2. Juli bis op eng Abstentioun quasi eestëmmeg vun der Éducationskommissioun ugeholl ginn.

Madame Presidentin, grad wéi a villen anere Beräicher vum Liewen ass et och an der Éducatioun gutt, wann no enger gewëssener Zäit de Bilan vun enger Saach gezu gëtt, fir ze kucken, wat gutt fonctionnéiert a wat vläicht manner gutt leeft. Esou ass et och bei der École de la 2e Chance de Fall, déi elo zënter e puer Joer operationell ass an, wéi scho gesot, zu engem integralen a wichtege Bestanddeel vum Schoulsystem ginn ass.

Wat sinn déi wichtegst Ännerungen am Verglach zum urspréngleche Text vun 2009? Ma, op dëser Plaz ass et ganz wichteg ze ënnersträichen, dass d'Philosophie vun der École de la 2e Chance mat dësem Projet deelweis changéiert.

Wann et bei der Aféierung vun dëser Schoul nach haaptsächlech drëm gaangen ass, fir d'Décrocheuren erëm an den Éducationssystem ze reintegréieren, esou geet et elo bei dësem Projet no der Analys vun der Aarbecht, déi zënter 2009 do geleescht gëtt, drëm, deene betraffene Jugendlechen eng Qualifikatioun ze verschafen, dëst mat der Méiglechkeet, déi Formatioun och an der École de la 2e Chance kënne fäerdeg ze maachen.

Esou gëtt dee maximalen Alter vun de Schüler vun der Schoul vu 24 op 30 Joer eropgesat. Dëst ass virun allem drop zréckzeféieren, dass d'Mesuren, déi d'Bekämpfung vum Jugendchômage als Zil hunn, sech u Jonker bis 30 Joer riichten. Duerfir ass et logesch, dës Dispositioun deementspriechend ze adaptéieren. Och sollen an Zukunft d'Primo-arrivantë besser an d'Formatioun vun der École de la 2e Chance agebonne ginn, andeem si net méi à part enseignéiert ginn, mä a Formatioune mat engem adaptéierte Régime linguistique agebonne ginn.

D'Limitatioun, dass ee sech nëmme fir zwee Joer an der École de la 2e Chance kann aschreiwen, gëtt opgehuewen. Dat wëllt net heeschen, dass ee während e puer Joer muss an der Schoul ageschriwwe sinn. Et gi jo och Jonker, déi nëmme fir ee Semester ageschriwwe sinn. D'Durée vun den Aschreiwungen hänkt also vum Projet de formation vun deene Jonken of.

D'Bulletinen an d'Diplomer ginn un den nationale System vun der Zertifikatioun ugepasst. D'Modalitéite vun den Épreuven, vun den Exame ginn déiselwecht wéi fir Schüler an der Beruffsausbildung an der regulärer Schoul.

D'Experienz vun deene leschte Joren huet och gewisen, dass de Portfolio vum Schüler net esou gutt als Evaluatiounsinstrument gëeegent ass, mä éischter eng Roll spillt am Kader vum Ausschaffe vum Projet professionnel. E Relevé vun de Kompetenzen als Complément zum Bulletin soll duerfir an Zukunft vun der Schoul ausgestallt ginn.

D'Lëscht vun de Fächer, déi vun der Schoul ugebuede ginn, gëtt ëm d'Naturwëssenschaften an d'Sozialwëssenschaften erweidert. D'Prime de formation gëtt duerch de virleienden Text ofgeschaaft. D'Aide à la formation fir mannerjäreg Apprenantë soll an Zukunft vum CPOS géréiert ginn.

Wat d'Indemnités de formation fir déi volljäreg Apprenanten ugeet, esou bleiwen dës bestoen. Si ginn awer selbstverständlech un déi scho genannt Modifikatiounen am Kader vum Eropsetze vun der Alterslimite op 30 Joer deementspriechend ugepasst.

Well an der Schoul vun der 2e Chance e grousse Wäert op den Encadrement an déi perséinlech Betreiung vun deem eenzelne Schüler geluecht gëtt, soll an Zukunft dee Schüler, deem säin Taux d'absence bei méi wéi 10% vun den obligatoresche Stonne läit, net méi d'Méiglechkeet hunn, fir seng Ausbildung kënne weiderzeféieren. Speziell Ausnahme kënne vum Direkter fir Schüler mat spezifesche Besoinen accordéiert ginn.

Mat dësen Adaptatioune passe mer, wéi scho gesot, de Kader vun der Schoul de Realitéiten um Terrain un. D'Schoul brauch dës Ännerungen, fir och an Zukunft kënne gutt ze funktionéieren.

Zum Schluss, Madame Presidentin, wëll ech och nach e puer Mercie lassginn: E Merci un d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus der Éducationskommissioun fir déi gutt Zesummenaarbecht am Kader vun dësem Projet. E Merci awer och un d'Sekretärin vun der Kommissioun, d'Christiane Huberty, fir hir Mataarbecht an natierlech och dem Här Modert. A schlussendlech e Merci un lech alleguerten, well Der mer nogelauschtert hutt.

Dës Mercien an dëst alles gesot, wëll ech natierlech och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci dem Här Delles fir säin interessante Rapport. Als éischt Riednerin ruffen ech elo hei op d'Tribün: d'Madame Françoise Hetto-Gaasch.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt fir unzefänken dem Rapporteur e ganz häerzleche Merci soe fir säi komplette schrëftlechen an och mëndleche Rapport. Ech wëll och net op all déi Neierungen agoen. Hien huet dat ganz gutt gemaach. Mä ech wéilt e puer allgemeng Bemierkunge maachen an och dem Minister e puer Froe stellen.

Wann ech mer déi rezent Chifferen iwwert den Décrochage scolaire ukucken, da stellen ech fest, dass esou eng École de la 2e Chance méi wéi jee hir Daseinsberechtegung huet. Mä si muss awer och eng reell Chance sinn. An duerfir ass et kruzial, wéi ee Choix vu verschiddenen Ausbildungs- a Beruffsméiglechkeeten dës Schoul dann iwwerhaapt ubitt, an dat op allen Niveauen.

D'École de la 2e Chance muss nieft der Lycées- an der professioneller Ausbildung eng complémentaire Offer duerstellen an dierf net zur Konkurrenz ginn. Ganz besonnesch, wa mer vu Léierplaze schwätzen, ass et net gutt, grad an deene Beruffer auszebilden, wou schonn eng Offer op allen Niveaue besteet, och fir Erwuessener, an domadder déi souwéisou rar geséite Léierplazen ze accaparéieren.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt op dëser Plaz dem Minister eng Partie Froe stellen. Zënter dräi Joer fonctionnéiert elo dës Schoul. An haut solle mer dann iwwer éischt Adaptatiounen ofstëmmen, Adaptatiounen, déi sech opgrond vun Erfahrungswäerter erginn hunn.

An duerfir meng éischt Fro: Här Minister, ginn Erfahrungswäerter duer? Misst een do net eng richteg Evaluatioun maachen? Misst net eng Etüd vum Aarbechtsmaart gemaach ginn, fir ze wëssen, ob mer dann elo an déi richteg Richtung histeieren? Oder ass dat Ganzt éischter aus dem Bauchgefill eraus, dass dës Adaptatiounen entstane sinn?

Mech géif och interesséieren, ob alleguerten d'Schüler, déi eng Demande maachen, fir an d'École de la 2e Chance ze kommen, ugeholl ginn a wat iwwerhaapt d'Admissiounskritäre sinn.

Da wëll ech d'Fro stellen, ob d'Offer vun de Formatiounen, déi d'École de la 2e Chance ubitt, och genee mam Aarbechtsmaart ofgestëmmt ass an och deem entsprécht, wat den Aarbechtsmaart réellement brauch.

Wann ech bedenken, dass mer jonk Fraen an osteuropäesch Länner rekrutéiere ginn, fir Leit am Alter doheem ze betreien, da froen ech mech: Majo, wéisou bilde mir net selwer esou Leit aus, déi en plus den Avantage hätten, dass se wéinstens eng vun deenen dräi offizielle Sprooche géife schwätzen?

Mir brauchen och masseg Leit am Spidolswiesen, déi do kéinten eng Hand mat upaken, an zwar op allen Niveauen. Offréiert d'École de la 2e Chance dorobber eng Äntwert?

Wéi gesäit et aus mat Formatioune fir d'Restauratioun, wou mer leider vill ze dacks mussen op auslännesch Main d'œuvre zréckgräifen? A wéi gesäit et aus mat Leit, déi mer géifen ausbilde fir de Logistiksecteur? E Secteur, deen eisem Wirtschaftsminister jo esou um Häerz läit.

Dann, Madame Presidentin, geet hei Rieds iwwer eng Reduktioun vun den Entschiedegungen, déi déi jonk Leit solle kréien. Mä mir gi jo awer hin, mir setzen d'Alterslimite, fir eranzekommen, vu 24 op 30 Joer erop. Da ginn ech awer dovunner aus, dass do eng Partie Leit dobäi sinn, déi vläicht musse schonn e Loyer bezuelen. Wéi sollen déi deen dann an Zukunft finanzéieren, wa se an d'Schoul ginn? Wat ass do virgesinn?

Da gi mer hin a mir setzen d'Zuel vun den „Apprenanten", wéi se hei am Gesetzestext heeschen, vun 300 op 350 erop. Dat ass eng Hausse vu bal 17%. Mir erweideren d'Offer vun de Formatiounsméiglechkeeten. Da stellen ech d'Fro: Brauch een dann net och méi Personal? Och do ass keng Fiche financière virgesinn.

Da meng lescht Fro, Här Minister: Ongeféier 20% vun de Schüler hunn och an der École de la 2e Chance hiert Gléck net fonnt. Wourunner läit dat? Gouf do eng Analys gemaach? A wéi gedenkt Dir dogéint virzegoen?

Voilà, Madame Presidentin, dat war et fir mäin Deel. Ech si ganz gespaant op dem Minister seng Äntwerten. Ech soen lech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

Ech bréngen och heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun, well mir fannen d'Iddi vun enger École de la 2e Chance jo gutt, wa se dann eng reell zweet Chance ass.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Madame Hetto, fir Är konstruktiv Interventioun. Elo ass et um Här Deputéierte Claude Haagen.

M. Claude Haagen *(LSAP).*- Madame Presidentin, déi technesch an déi prozedural Detailer vun dësem Projet de loi iwwert d'École de la 2e Chance, déi iwwregens e Succès ass, si scho vun deenen zwee Virriedner presentéiert ginn, esou datt ech dat elo net méi am Detail wäert maachen. Ech géif awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Rapporteur, dem honorabelen Deputéierte Lex Delles, Merci ze soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Dëse Projet de loi, dee jo bekanntlech ënnert der viregter Éducationsministesch, der Madame Delvaux, déposéiert ginn ass, ass an der Haaptessenz e Projet de loi, deen d'Offerte vun der Formatioun erweidert an dee besonnesch, an dat ass schonn ugeschwat ginn, sech ëm de Phenomeen vun de Schoulofbriecher wäert këmmeren.

Am Allgemenge kann ee feststellen, datt eng Persoun, déi eng unerkannte Qualifikatioun oder en Diplom huet, vill méi grouss Chancen huet, fir um Aarbechtsmaart eng Plaz ze fannen, wéi Leit ouni Qualifikatioun oder Diplom dat hunn. D'Persounen, un déi sech dëse Projet de loi riicht, ginn am Artikel 2, wéi gesot, genannt. Et sinn dëst Leit, déi erëm sollen op eng Formation initiale oder eng Formation des adultes orientéiert ginn, Persounen, déi hire schoulesche Parcours mat engem unerkannte Certificat oder Diplom ofschléissen, a Persounen, déi eng spezifesch Erwuessenebildung ofschléissen, déi en Zougang zum Héichschoulstudium oder déi en Éducateursdiplom kréien.

Ech wollt op e puer Remarquen hei agoen, déi scho gesot gi sinn an déi oft am Kontext vun der Schoul vun der zweeter Chance opgeworf ginn. D'Meenung, déi besteet, datt d'Beruffer, déi an der École de la 2e Chance ugebuede ginn, anere Schüler géifen Ausbildungsplazen ewechhuelen, wëll ech awer gär ganz staark relativéieren. Dat steet iwwregens och am Commentaire vun dësem Projet de loi. An der École de la 2e Chance geet et menges Wëssens drëm, fir Persounen, Schüler, Erwuessenen eng zweet, eng nei Chance ze ginn, an net de Beruffer. Och huet sech an deene leschte Jore gewisen, datt dës Schüler alleguerten eng Ausbildungsplaz fonnt hunn.

Madame Presidentin, zum Schluss géif ech awer nach gär soen, datt mer mat dësem Projet de loi iwwert d'École de la 2e Chance d'Diplomer net bradéieren, mä datt déi Diplomer mat anere Schoule gläichgestallt ginn.

Duerfir géif ech och gär vun der Geleeënheet profitéieren, fir jiddwerengem, den Éducateuren, de Professeren an och de Beamten aus de Ministèren, déi sech ëm d'École de la 2e Chance beméien, Merci ze soe fir hiert Engagement an deem heiten Dossier.

Dat gesot, sinn ech frou, datt Der mer nogelauschtert hutt, an ech géif zu dësem wichtege Projet och den Accord vun der LSAP-Fraktioun bréngen.

Merci.

Mme la Présidente.- Villmools Merci dem Här Haagen. Als nächsten ageschriwwene Riedner ruffen ech den Här Claude Adam op d'Tribün.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir säi flotten an ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et ass och net u mir, fir dem Minister virzegräifen an Äntwerten op Froen ze ginn, déi d'Riednerin vun der CSV gestallt huet. Ech kommen awer net derlaanscht, well ech mech mam Sujet e bësselche beschäftegt hunn, an an deem, wat ech elo zielen, do sinn dann eng Rei Saachen, wou een awer trotzdeem schonn e puer Äntwerten op esou Froe kritt.

Mat dësem Gesetz passe mer den urspréngleche Projet vun der École de la 2e Chance der Realitéit un. Déi urspréngglech Iddi: „Mir huele Schüler, déi décrochéiert hunn, a maache se an ee bis zwee Joer fit fir eng Regelschoul", déi funktionéiert leider net ëmmer. Vill Schüler an der École de la 2e Chance hunn 22, 23 Joer, an et ass net einfach, dës Jugendlech ze integréieren. Op enger Quatrième zum Beispill hunn d'Schüler 15, 16, 17 Joer.

Eng weider Ursaach, firwat d'Angebot erweidert gouf an d'Zäit, déi e Schüler kann an der École de la 2e Chance méi laang bleiwen: Déi Schüler, déi hu meeschtens décrochéiert, net, well se net intelligent genuch waren, mä well se mat der Institutioun Schoul net eens gi sinn. An d'Ursaachen dofir si villfälteg: sozial Kompetenzen, déi feelen, sozial Problemer, familiär, finanziell, psychologesch Problemer.

An der École de la 2e Chance gëtt direkt reagéiert, wann e Problem detektéiert gëtt. D'Schüler si ganz gutt encadréiert. De Personalschlëssel vun dëser Schoul ass héich. D'Schüler si vill Zäit an der Schoul: 34 bis 36 Stonnen. Duerfir verlaangt awer keen Hausaufgabe vun hinnen, an dat zu Recht: Si si ganz oft a Situatiounen, wou Hausaufgaben einfach net ze realiséiere sinn. An duerfir féiert e Retour an eng Regelschoul och oft zu engem Échec.

D'École de la 2e Chance funktionéiert e bësse wéi d'Aarbechtswelt: schaffen an duerno fräi. E Retour an eng Regelschoul scheitert oft aus deeneselwechten Ursaachen, aus deene schonn en éischten Échec do virkomm ass.

All Joer melle sech eng 500 bis 600 Schüler. Et gëtt en Entretien, d'schoulescht Wësse gëtt gepréift an de Kandidat muss eng Lettre de motivation schreiwen. 200 bis 250 Schüler ginn ugeholl: déi, bei deenen d'Aussiichten op Erfolleg am gréisste sinn. An am beschte Chancen, esou hunn ech mer soe gelooss, hu jonk Leit, déi éischter duerchschnëttlech talentéiert sinn, keng immens grouss sozial oder finanziell Problemer hunn an déi an hirer Pubertéit relativ vill Quatsch gemaach hunn. Et kéint ee soen: Déi weider näischt wéi Larifari an der Kopp haten an doduerch grouss schoulesch Lacunen opgebaut hunn, déi bléien duerch dee gudden Encadrement op, déi gedeien an der École de la 2e Chance oft perfekt.

Wichteg ass och, datt de Schüler schonn eng Kéier richteg erlieft huet, datt hie sech selwer mat sengem Schoulofbroch geschuet huet, datt hien e gewëssene Leidensdrock um eegene Leif gespuert huet. Mat 16 Joer sinn déi Jonk normalerweis nach net prett fir dës Schoul. Ech mengen, dee Jéngsten huet der och 17. A wien zweemol duerchgefall ass an dann direkt an d'École de la 2e Chance wiesselt, fir et do eng drëtte Kéier ze probéieren, hält et ganz oft net laang aus.

Et gëtt natierlech, an d'Madame Hetto huet et ugeschwat, a leider och Échecen an der École de la 2e Chance. Am heefegste sinn Absencen d'Ursaach vum Échec. 10% Absencë waren eigentlech ëmmer de Maximum, deen toleréiert war, an elo kritt dëse Maximum eng legal Basis. Et ass engersäits ganz schwéier, Schoul ze halen, wann d'Absencen héich sinn. Dat kann all Enseignant soen. De Grupp wiesselt oft; d'Schüler, déi vill feelen, kréie Lacunen. Mä an der École de la 2e Chance spillt awer och d'Logik vum Aarbechtsmaart. Déi jonk Erwuessen an der Schoul ginn och als Erwuessener behandelt. Kee Patron erlaabt heefegt an onmotivéiert Feelen.

E groussen Deel vum Décrochage an der École de la 2e Chance berout drop, datt d'Schüler et net fäerdegbréngen, regelméisseg an d'Schoul ze kommen. An eng weider Ursaach fir d'Anhale vun der Präsenzflicht ass de Fait, datt vill Schüler eng Aide à la formation kréien. Esou vill och zur Finanzéierung: Ech hu mer soe gelooss, datt dat ronn 30% vun de Schüler wieren. An dat ass eng gutt Saach an eng sënnvoll Saach. Déi soll awer och net mëssbraucht ginn. An duerfir gëtt och d'Anwesenheitsflicht esou streng geregelt.

Schüler, déi gréisser psychologesch Problemer oder Verhalensproblemer hunn, riskéieren och an der École de la 2e Chance oft en Échec. Schüler, déi zum Beispill spillsüchteg sinn, depressiv sinn, déi Drogeproblemer hunn, missten eigentlech hir zweet Chance - a fir muncher ass et och schonn eng drëtt oder véiert Chance - mat enger Therapie ufänken. An do stéisst d'Schoul un hir Grenzen. An der Schoul Therapien organiséieren, dat geet leider net.

Eis École de la 2e Chance ënnersteet dem Ministère de l'Éducation nationale a funktionéiert och wéi eng normal Schoul. Duerfir wëllt dës Schoul och zertifizéiere wéi all aner Schoul. An hei bréngt de Projet de loi och eng Rei Upassungen.

Selbstverständlech ass awer och de Gedanke vun enger Insertioun an eng aner Schoul oder an e Beruff och nach ëmmer e Bestanddeel vun der École de la 2e Chance.

A fir ofzeschléissen, Madame Presidentin: Natierlech wier et schéin, wann ee keng esou eng Schoul géif brauchen. An den Här Delles hat dat och ugeschwat, dat hate mer schonn 2009 e puermol gesot. Et muss een awer wëssen, Här Delles: 2009 hate mer grad just en neit Schoulgesetz gestëmmt, do ware mer och vläicht nach e bëssen optimistesch - méi optimistesch.

Mir stellen haut fest, datt d'Realitéit eis ganz kloer seet: Mir hunn Décrocheuren, mir brauchen eng École de la 2e Chance. Mir stelle fest als Gréng, datt do gutt Aarbecht gemaach gëtt. Kanner léieren aneschters wéi Teenager an Teenager léieren aneschters wéi Erwuessener. Trotzdeem: Empathie fir de Schüler, Tutorat, Équipe pédagogique a curriculaire, méi Präsenz vun den Enseignanten, dat sinn Erfahrungen aus der École de la 2e Chance, déi fir all Schoul a fir all Schoulsystem gëllen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, an nach e leschte Punkt: Wéi ech d'Diskussioun, déi mer 2009 haten, nogelies hunn, do war och ugeschwat ginn, datt et net schlecht wier, vu déi Situatioun, aus där vill vun deene Schüler kommen, ob et net géif Sënn maachen, fir och en Internat am Zesummenhang mat der École de la 2e Chance an d'Gespréich ze bréngen.

Duerfir vläicht meng Fro, och méi allgemeng: Wéi sti mer do, wa mer sozial Problemer feststellen? Do wier en Internat fir munch Schüler eng Hëllef. Vläicht och an deem heite Kader dann nach déi Fro un den Här Minister.

Merci fir Är Opmierksamkeet a Merci fir Är Toleranz, Madame Presidentin, wat d'Zäit ubelaangt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Exzellent!

M. le Président.- Merci der Madame Presidentin a Merci dem Claude Adam. An als Nächsten huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'ADR, wéi all déi aner Parteien heibannen, ënnerstëtzt de Prinzip vun enger École de la 2e Chance. A mir soen och dem Här Delles Merci fir dee Rapport, deen en eis presentéiert huet.

Et si vläicht just e puer Kommentare vun eiser Säit: Éischtens sollte mer ufänken, fir ze verhënneren, datt d'Kanner, déi Jugendlech d'Schoul ofbriechen. Ech mengen, dat ass eng Tâche, wou Schoulpolitik kann agräifen, fir eng gutt Orientéierung ze maachen a priori, fir ze kucken, well mir hu jo Etüden, wéi den Décrochage scolaire fonctionnéiert. Wa Leit e puermol redoubléieren a grouss Retarde cumuléieren, si se sécher méi exposéiert wéi anerer. Mir wëssen och, datt d'Neuvième pratique an d'Dixième professionnelle déi Klasse sinn, wou tendenziell am meeschten där Fäll geschéien. Also kënne mer scho politesch op jidde Fall eng Rei Aktiounen ënnerhuelen, fir ze verhënneren, datt et esou wäit kënnt an déi Jonk d'Schoul ofbriechen.

A leschter Zäit an och duerch déi Reformen, déi onglécklech Schoulreformen, déi mer awer iwwert déi lescht Jore gesinn hunn, ass et awer esou, datt mer och mussen oppassen, datt mer net och nach strukturell Ursaachen an eisem Schoulsystem hunn, déi de Schoulofbroch weider verstäerken.

Mir hunn zum Beispill de Beweis...

Ech weess net, Här President, ech wëll och eigentlech mat der Regierung schwätzen, mä den Här Meisch, dee lauschtert geméinlech net no.

(Brouhaha)

Jo, mä gutt. Also, op jidde Fall hu mer eng Rei vu strukturellen Ursaachen, fir eis Suergen ze maachen. Mir wëssen, datt dee moduläre System net fonctionnéiert am Enseignement professionnel. Dat ass eng ganz schlëmm Situatioun, wou vläicht och einfach duerch den Alter an duerch déi Problemer, déi déi Schüler dann hunn, se och eventuell an e Schoulofbroch erakommen. A mir hunn elo héieren iwwert d'Chambre de Commerce an d'CLC a leschter Zäit e Constat, dee mir och ëmmer erëm gemaach hunn, deen awer hei politesch nëmme vun der ADR virbruecht gëtt, dat ass, datt déi Schüler op enger Neuvième eigentlech net méi genuch wëssen, fir iwwerhaapt an eng Léier eranzekommen. Dat sinn déi Realitéiten, mat deene mer konfrontéiert sinn. An natierlech dréit dat och derzou bäi, datt de Risiko vum Schoulofbroch klëmmt.

An dësem spezielle Projet... Ma dat hänkt och domat zesummen, ech hunn hei den originalen Text vun dem Projet de loi vun der Madame Delvaux matbruecht, fir vläicht nach eng Kéier ze rappeléieren, wéi déi Terminologie an deene leschte Jore war, wa mir iwwer Schoulreforme geschwat hunn. Dat ass e Verbiage, et ass komplett huel!

Zum Beispill: «C'est à partir de compétences formelles, non formelles ou informelles que la formation à l'École est construite en apportant de nouvelles compétences spécifiques et transversales. (...) l'approche par compétences (savoirs, savoir-faire, savoir-être);». Et ass du Verbiage, cela ne veut rien dire! Awer et ass op esou Prinzipien, datt eigentlech déi Schoulreformen an deene leschte Joren ugepaakt gi sinn. An esou si se och ginn, eigentlech, an zulaaschte vun de Kanner, oder eng Bürokratie, déi am urspréngleche Projet de loi hei steet, déi net nozevollzéien ass. Et si fënnef Joer, datt ech an der Schoulkommissioun sëtzen, an no fënnef Joer Schoulkommissioun kann ech mech nach ëmmer nëmme wonneren iwwer esou Texter wéi: «(...) le projet d'établissement qui devra être inscrit à un plan de développement scolaire élaboré par la Cellule de Développement scolaire et agréé par le conseil d'éducation de l'École de la 2e Chance.» Lauter Verbiage!

D'Resultat ass, datt eise Schoulsystem hei am Land an engem ganz, ganz schlechten Zoustand ass. Mir hätte besser, op einfach Prinzipien zréckzekommen, novollzéibar Prinzipie vu Qualitéit a Leeschtung, déi eise Schüler géife laangfristeg am meeschten hëllefen. Hei wësse mer eigentlech net, wat mer stëmmen.

Mir hunn de Problem vun de Primo-arrivants, déi als Kategorie erausgeholl ginn. Da steet an den Texter och eppes, wat den Här Minister eis vläicht kann erklären, mat de Primo-arrivants: «Ils vont faire partie directement des formations à régime linguistique spécifique organisées à l'École.» Mir wëssen awer net, wéi dee Régime spécifique ausgesäit. Dréit en zur Integratioun bäi? Wéi ass et mam Lëtzebuergeschen als Langue véhiculaire an der École de la 2e Chance? Dat wësse mer net. Här Minister, Dir kënnt eis dat vläicht soen.

A mir wëssen och net, wat se da schlussendlech léieren. Hei den Här Delles an aner Intervenanten hunn zwar widderholl, datt d'Zertifikatioun, datt d'Niveauen, d'Prüfungen, d'Programmer am Prinzip d'selwecht si wéi an deenen anere Schoulen, gläichzäiteg soe mer awer, datt mer iwwer eng Voie vun Arrêtéë kënnen Ausnahme maache bei de Programmer, bei de Promotiounskritären, bei der Grille horaire, wat zum Deel praktesch wuel néideg ass, fir e bëssen Enseignement à la carte kënnen ze realiséieren an de Leit beschtméiglech ze hëllefen. Op där anerer Säit heescht et awer och, datt mer eigentlech net wëssen, wat mer hei stëmmen. Mir stëmmen e grousse Pak a mir wëssen net, wat herno konkret do dran ass.

Dat alles gesot, wëlle mer och ënnerstëtzen, wat d'Madame Hetto scho virdru gesot huet: Mir musse kucken, datt mer Beruffer hei ausbilden, déi op eisem Aarbechtsmaart gebraucht ginn. Mir hu Beruffer wéi an der Fleeg, wéi an der Logistik, do si mer komplett mat der Madame Hetto d'accord, wou hei kéinte konkret Bäiträg geleescht ginn iwwert déi Programmer, wou mer och Aarbechtsplazen hei am Land ze offréieren hunn, déi mer dann op eisem nationalen Aarbechtsmarché och kënne befriddegen. An déi Richtung musse mer goen.

A mir musse vläicht och eng Kéier iwwerleeën, an dat ass e bësse méi laangfristeg oder mëttelfristeg, déi Pläng, déi d'Regierung eis presentéiert huet, fir vläicht déi École de la 2e Chance an enger Colocatioun mam Lycée militaire ze gesinn, do hu mer och Zweifel. An et wär vläicht interessant vum Här Minister ze gesinn, ob do d'Regierung weidergeduecht huet oder ob déi Iddi nach ëmmer besteet, fir d'École de la 2e Chance an de Lycée militaire zesummenzebréngen, wat jo awer u sech zwou verschidde Saache sinn.

Ech soen lech Merci.

M. Roy Reding *(ADR).-* Très bien!

M. le Président.- Als Nächsten huet den Här Turpel d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).-* Merci, Här President. Ech mengen, d'École de la 2e Chance ass eng wichteg Institutioun, déi scho ville Leit gehollef huet effektiv, erëm en Diplom ze kréien, dee se virdrun net konnte kréien, well se eben an der Schoul opgehalen hunn.

Ech erlabe mer, drun ze erënneren, datt d'Gesetz vun 2009, d'Initiativ fir d'École de la 2e Chance, zréckgaangen ass op eng Initiativ vum René Kollwelter, LSAP-Deputéierten, deen awer an der Zwëschenzäit aus der Partei ausgeschloss ginn ass, well e sech erlaabt huet, fir eng Lëscht ze ënnerschreiwe vun deene Lénke bei de Wahlen.

(Brouhaha et interruptions)

Une voix.- Hei, schwätzt zum Sujet!

M. Justin Turpel *(déi Lénk).-* Wéisou esou nervös?

(Interruptions)

Ech wëll...

M. le Président.- Adresséiert lech un d'Chamber, Här Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).-* Wa verschidde Leit sech berouegt hunn, da fueren ech gäre virun.

M. le Président.- Dir hutt jo och probéiert ze provozéieren, Här Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).-* Wat den Interessekonflikt ugeet, do mengen ech, musse mer méi seriö driwwer schwätzen, well ech mengen, do wier et...

(Interruptions)

...do wier et gutt, wann een emol géif liesen, wat de GRECO géif soen. Mä dorobber komme mer jo d'nächst Woch zréck.

Ech wëll am Zesummenhang vun där Diskussioun hei awer och all deene Leit Merci soen, déi an där Schoul do schaffen, se koordinéieren an eng wichteg Aarbecht maachen.

Mir ënnerstëtzen déi Ännerungen, déi hei gemaach ginn, notamment déi zwou wesentlech Ännerungen, wat d'Limite d'âge ass, fir déi vu 24 op 30 eropzesetzen, a mir ënnerstëtzen och déi Definitioun vun de Missiounen a vun den Décrocheuren, déi hei méi preziséiert gëtt.

Ech mengen, et ass och wichteg, op eng Rei Saachen zréckzekommen, déi hei opgeworf gi sinn, nämlech d'Problemer an der Schoul, an där normaler Schoul, fir se elo emol esou ze nennen, déi zum Ofbroch féieren. Ech mengen, dat huet awer näischt direkt ze di mat der École de la 2e Chance, well si fänkt dat op, wat virdru geschitt ass. A mir wäerten och op déi Diskussioun zréckkommen, sief et an der Interpellatioun, déi ech gefrot hunn iwwert d'Formation continue, sief et an der Diskussioun iwwert d'Lycéesreform, sief et am Bilan vun der Grondschoul, wou dat sécherlech eng vun de wesentlechen Diskussioune wäert ginn, wou do d'Schwieregkeete leien. Et sinn och aner Froen opgeworf ginn iwwert d'Diplomer an den Aarbechtsmaart, op déi mer och wäerten zréckkommen.

Ech wëll nach eng zousätzlech Fro opwerfen, an dat ass déi vun der Situatioun vum Personal. Wann ech richteg informéiert sinn, hu mer an der École de la 2e Chance eng Rei Schoulmeeschteren, eng Rei Proffen an e ganze Koup Chargé-de-coursen, a vun deene Chargé-de-coursen och nach eng ganz Rei mat engem Contrat à durée déterminée. Mir wiere frou, och wann de Minister dat haut elo net aus dem Stegreif ka maachen, wa mer eng Kéier kéinten zréckkommen op d'Situatioun vun deene Leit, well ech mengen, datt et scho wichteg wier, datt een och d'Situatioun vun deene Leit géif kucken, fir déi ze qualifizéieren, weider ze qualifizéieren, wou et méiglech ass opgrond vun hirer Erfahrung a vun hirer Ausbildung, fir deenen en CDI ze ginn, déi en CDI kënne kréien, a fir ze kucken, datt een esou vill wéi méiglech qualifizéiert Personal, och Proffen a Schoulmeeschteren, an déi Schoul do hëlt fir déi wichteg Aarbecht, déi se hunn.

Dat gesot, géife mir dee Projet do stëmmen an ech soen lech Merci fir Äert opmierksamt Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- An domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an den Erzéiungsminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir nennen dës Schoul „École de la 2e Chance", an am Term läit et schonn dran: Et ass eng Chance, mä et ass keng Garantie. Wann een do erakënnt a vun där Chance ka profitéieren, dann heescht et, se ze notzen, dann heescht et, sech drun ze ginn, sech un d'Spillregelen ze halen, wéi zum Beispill déi eng, déi de Mëtteg e puermol hei erwähnt ginn ass: dohinner ze goen an net duerch Absencen ze glänzen.

An eng Rei vu Froestellungen hu mech e bëssen awer drun erënnert, wéi wann ee géif mengen, dat doten, dat wär elo déi Boîte, déi sämtlech Problemer kéint léisen, an all déi Schüler, déi op iergendenger anerer Schoul, an iergendenger anerer Formatioun Problemer haten, déi géifen déi Schoul mat engem Diplom verloossen an all hir Problemer wäre geléist. Dat ass sécher net, dat kann net den Usproch vun där Schoul sinn. Virun allem net dann, wa mer op där anerer Säit awer och gären eng qualitativ wäertvoll Ausbildung hätte mat Diplomer, déi equivalent sinn zu all deenen aneren Diplomer, déi mer hei am Land verdeelen.

Ech denken éischter, datt dat heiten eng Schoul ass, déi eng vu villen Äntwerten ass op déi Heterogenitéit, déi mer an eiser Schülerschaft hunn, déi mer an eiser Populatioun hunn, duerch déi mer Schüler hunn, déi mat ganz ënnerschiddleche Viraussetzungen, mat ënnerschiddleche Liewensleef an d'Schoul kommen a fir déi mer och ënnerschiddlech Parcourse musse kënnen ubidden.

Dat sinn déi ganz traditionell Parcoursen, déi mer an eisen - tëschent Guillemeten - „traditionelle Schoulen" ubidden, an dat kann dann eben och dee Parcours sinn, dee mer an der École de la 2e Chance ubidden, an där mer ënnerschiddlech Offeren hunn, an där mer ënnerschiddlech Weeër och vläicht do zouloossen, an där mer mat ënnerschiddlechen Approchen och kënne schaffen, fir richteg a valabel Äntwerten op ganz spezifesch Problematiken heiansdo kënnen ze fannen.

Wat sinn déi ganz spezifesch Problematiken? Nun, dat sinn déi ënnerschiddlech Sproochekenntnisser. Dat ass d'Fro: Wéini sinn ech an d'Land komm? Dat ass d'Fro, ob ech vläicht éischter gëeegent sinn, fir an enger initialer Ausbildung matzemaachen, oder éischter eng Formation des adultes wëll maachen, ob ech éischter eng Formatioun wëll hunn, wou ech präsent muss sinn am Cours, ob ech dat online wëll maachen, ob ech wierklech an déi traditionell Dagesschoul wëll goen oder an Owescoursen eppes wëll maachen. An eben och eng vun all deene Méiglechkeeten do ass d'École de la 2e Chance. Dat ass also ee vu ville Weeër an et ass eben och eng vu villen Zilgruppen, déi hei spezifesch soll viséiert ginn.

An ech froe mech eigentlech, ob deen Numm gutt gewielt ass: „École de la 2e Chance", an ob e wierklech zu deem nach passt, wat mer haut ubidden, well dat heescht jo, datt een eigentlech eng éischt Chance ratéiert huet, a mir mierken awer, datt hei och Schüler kommen, déi duerchaus schonn hire Wee gemaach hunn, déi vläicht scho beruffstäteg waren, déi och vläicht en éischten Diplom iergendzwousch emol scho kritt hunn. Et kommen natierlech och Décrocheuren.

Mir denken och, datt dat heiten e ganz wichtegen Acteur ka ginn an der Garantie pour la jeunesse, déi mer jo ulafe gelooss hunn, wou mer mat Jonken och eng geziilt Formatioun, nach méi eng geziilt Formatioun kënne maachen, wa se probéieren, sief et erëm zréck an d'Schoul ze kommen oder um Aarbechtsmaart Fouss kënnen ze faassen.

Bon, wat natierlech wichteg ass, an och dat ass de Mëtteg hei vu bal jiddwerengem gesot ginn, dat ass, datt mer Formatiounen ubidden, déi gebraucht ginn. An ech mengen, datt d'Schoul dat mécht, datt mer scho kucken: Wou kënne mer spezifesch mat deenen Instrumenter, déi d'École de la 2e Chance huet, Leit do ofhuelen, wou se sinn, an dohinner bréngen, wou se um Aarbechtsmaart gebraucht ginn?

Mir hate kuerz eng Diskussioun an der Kommissioun zum Beispill iwwert d'Éducateuren en cours d'emploi, bei deene mer mierken, datt mer do eng ganz staark Demande hunn, well et e Secteur ass, deen enorm ausgewäit ginn ass iwwert déi lescht Joren a sécherlech och nach gëtt an deenen nächste Joren, vun der Kannerbetreiung bis zur Altenbetreiung, vu behënnerte Matmënschen an esou weider, a wou mer eigentlech an der initialer Ausbildung net nokommen, déi Leit auszebilden. An et ginn der awer ganz vill, déi och ouni initial Ausbildung an deem Secteur täteg waren an do sécherlech iwwert deen dote Wee en cours d'emploi eng Formatioun kënne maachen. Do denken ech wierklech, datt d'École de la 2e Chance gutt outilléiert ass, fir esou e Qualifikatiounswee unzebidden.

D'Fleeg ass oft hei ugefouert ginn. An nach eng Kéier - fir ze soen, datt een net alles muss d'selwecht maachen -, mir denken do éischter, datt mer iwwert de Wee vun der Formation des adultes kënne fueren, fir zum Beispill Aide-soignanteën an Aide-soignanten auszebilden, well dat eis vum Gesetzesarsenal éischter d'Méiglechkeet gëtt, fir d'Leit do ofzehuelen a se dohinner ze kréien, wou se gebraucht ginn, esou datt mer also net onbedéngt dat iwwert d'École de la 2e Chance géife maachen, mä iwwer eise Service am Ministère vun der Formation des adultes.

Et sinn nach eng Rei vu méi prezise Froe gestallt ginn, Här President. Ech probéieren esou gutt et geet, dorobber ze äntwerten. Bon, ob mer hei aus rengem Bauchgefill eraus eppes maachen, mengen ech sécherlech net. Mir hunn déi Schoul elo véier Joer an hirem Exercice erlieft. Do sinn Erfahrunge gesammelt ginn. Et ass gekuckt ginn, wat den initialen Usproch an d'Virstellung an der Theorie waren, wéi dat sollt fonctionnéieren, a mir hu festgestallt, wéi et an der Praxis fonctionnéiert huet. Do huet sech jo eng gewësse Praxis och agebiergert, an dat heiten äntwert jo eigentlech dorobber a baséiert eigentlech déi Praxis, déi sech agebiergert huet, elo op en zolidd legaalt Fundament, esou datt ech scho mengen, datt et opgrond vun den Erfahrungen ass, datt eng Rei vun Adaptatiounen hei gemaach goufen.

Déi Etüd, déi misst gemaach ginn an déi zum Deel och gemaach gëtt, ka sech sécherlech net nëmme bezéien op d'École de la 2e Chance, mä do musse mer dee ganzen Aarbechtsmaart kucken. Mir mussen aner Schoule mat kucken, aner schoulesch Offere mat kucken. Mir mussen och kucken, wat am Grenzgebitt geschitt. Esou isoléiert kann een dat sécherlech net maachen, well soss géif een e verfälscht Bild kréien.

Et ass och gefrot ginn, firwat mer déi Entschiedegungen erofgesat hunn. Ech denken, dat muss een an engem Kontext gesinn, deen nach e bësse méi breet och ass: Mir hu vill Mesuren, déi och elo zum Beispill bei der Garantie pour la jeunesse solle gräifen, do hu mer eenzel Entschiedegungen. Dat si Mesuren, déi sinn historesch gewuess, an et ass eigentlech ni gekuckt ginn, wéi mer de finanziellen Ureiz do wëlle setzen. An et ass mer opgefall, datt eigentlech de finanziellen Ureiz heiansdo am gréissten ass bei deene Mesuren, déi am wäitste vun der Normalitéit - loosse mer soen - ewech sinn.

Ech denken, datt dat net richteg ass, datt dat net onbedéngt déi richteg Approche ass. Duerfir soll een all déi Indemnitéiten och eng Kéier kucken, vun de Beschäftegungsmesuren iwwert dat, wat mer beim Service volontaire vum SNJ ginn, iwwert déi heiten Indemnitéiten, iwwert dat, wat een am Léiervertrag ka kréien, iwwert dat, wat een an der Formation des adultes ka kréien. Alles dat schéngt mer besser ze guidéieren, wa mer et och kohärent halen an do deene méi ginn, déi probéieren, awer an den normaalste Wee erëm eranzekommen.

D'Fro nom Personal ass och gestallt ginn. Si ass hei net mat geléist ginn an dësem Projet de loi. Et ass awer evident, wann d'Formatioun ausgebaut gëtt iwwert déi nächst Joren, datt dann och deementspriechend Personal muss bäikommen, éducatiivt Personal souwisou, an natierlech och dat, wat encadréiert an der Schoul, och nach do derbäi. Woubäi mer hei musse wëssen: Mir sinn an enger relativ klenger Struktur, déi awer e Staff brauch, fir dat Gebai och einfach technesch, logistesch kënne fonctionnéieren ze dinn. An do hu mer nach e gewëssen Nohuelbedarf ze leeschten.

D'Fro vum Internat ass opgeworf ginn. Ech denken, datt mer déi Fro och net nëmme sollte bezéien op d'École de la 2e Chance. Mir mierken, datt mer geziilten Ufroen hu fir Internater, an och sécherlech a Relatioun mat där Zilgrupp, déi mer mat der École de la 2e Chance ganz kloer viséieren. Do brauche mer nach méi Capacitéit. Mir mussen awer och kucken, wéi mer den Encadrement do maachen, wou den Emplacement richteg ass. An ech denken net, datt et sënnvoll wär, fir den Internat direkt un d'École de la 2e Chance ze rattachéieren, mä mir sollten awer kucken, datt mer Konnexiounen hunn, datt et méiglech ass, Internat an École de la 2e Chance sënnvoll mateneen ze verbannen.

Gradesou musse mer eis d'Fro stellen nom Site, wou d'Schoul haut ass. Mir wëssen, datt dat net definitiv ass, datt mer a provisoresche Raimlechkeete sinn. Den Emplacement schéngt mer gutt ze sinn. Wann et also méiglech wär, op där doter Plaz och definitiv eng Kéier eppes ze schafen, definitiv Raimlechkeete fir d'École de la 2e Chance mat de Méiglechkeeten, dat och iwwert déi nächst Joren nach auszebauen, da sollte mer eis och a relativ noer Zukunft dorunner kënne ginn.

D'Froe sinn och gestallt ginn: Wéi ass et mam Décrochage? Wéi kënne mer e besser nach verhënneren? Ech mengen och do, datt mer keng Schoul kënne kréien, déi honnert Prozent vum Décrochage verhënnert. Ech wëll aus enger Etüd zitéieren, déi eis viru Kuerzem am Ministère virgestallt gouf, déi sot, datt quasi 50% vun deene Schüler, déi décrochéieren, och e psychesche Problem hunn. Dat heescht, datt d'Schoul mat hire Methoden an der Schoul eigentlech net alles kann erreechen an datt ganz oft op anere Gebidder, op aneren Terraine Problemer leien, déi musse mat gekuckt ginn, bei deenen och aner Acteure musse mathëllefen, an datt mer eigentlech ee Problem musse léisen, ier mer dee schoulesche Problem iwwerhaapt kënne gutt a richteg ugoen.

Mir hu jo Strukturen, déi géint den Décrochage virginn. Ech denken un d'Action locale pour jeunes, mat där mer ganz fréi wëllen intervenéieren. Mir mussen do sécherlech d'Frühwarnsystem nach besser ausbauen, fir och deen, deen ënnert de Risque fält, fir ze décrochéieren, éischter dann nach un d'Schoul ze rattachéieren, wann en nach an der Schoul ass. Dat fält nämlech vill méi einfach, wéi en duerno erëm eng Kéier ausserhalb vun der Schoul sichen ze goen an an d'Schoul eran ze integréieren.

Da wëll ech och nach rappeléieren, well och déi Fro opgeworf ginn ass: De Lycée militaire hu mer jo kloer net rattachéiert un d'École de la 2e Chance. De Projet de loi, deen elo um Instanzewee ass, deen hei an der Chamber läit, gesäit en eegestännege Lycée militaire vir. Mir wëssen awer, datt déi Aufgab, déi do ze bewältegen ass als Aufgab vum Lycée militaire, fir deene Leit, déi de Militär gemaach hunn, duerno eng zweet Méiglechkeet vu Formatioun kënnen ze ginn, fir datt se no hirem Service militaire besser kënnen an den Aarbechtsmaart integréiert ginn, datt dat sécherlech kee Lycée wäert fëllen, an och net de Lycée militaire, esou wéi en elo geduecht ass, esou datt mer also och do eng weider Zilgrupp musse mat erakréien. An dat kann eng ähnlech Zilgrupp si wéi déi, déi mer och hei viséiere bei der École de la 2e Chance, wat awer - nach eng Kéier - net onbedéngt muss heeschen, datt dat hoergenee d'selwecht muss fonctionnéieren.

An ech denken, datt et interessant wär, och esou eng Offer fir esou eng Zilgrupp ze hunn am Norde vum Land. Dir wësst jo, datt mer dat zu Ettelbréck wëllen implantéieren, fir och deene Leit do an hirer Proximitéit kënnen d'Chance ze ginn, vun esou enger Offer ze profitéieren.

Bon, dat Gesetz hei ass 2009 gestëmmt ginn. Mir hunn dee Moment Neiland betruede mam Prinzip vun enger École de la 2e Chance. Mir hunn eis Experienze gemaach. Mir hunn och festgestallt, datt et zanterdeem eng Rei vun neie Besoine gëtt, an ech wëll och nach eng Kéier rappeléieren, datt déi Reform hei, wat sécherlech elo net eng grondleeënd Reform ass...

M. le Président.- Här Minister,...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Jo?

M. le Président.- Dir misst zum Schluss kommen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Datt Dir mir dat esou oft géift rappeléieren, dat hätt ech mer net kënne virstellen.

M. le Président.- Jo, mä dass Dir esou onziviliséiert sidd, hätt ech mer och net kënne virstellen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Jo, dann hutt Der mech aneschters an Erënnerung, an ech lech och, Här President.

(Hilarité)

Ech sinn awer scho bal fäerdeg. Ech wollt eigentlech just nach soen, datt déi ënnerschiddlech Modeller, op déi ech elo hei Wäert geluecht hunn, jo och fest ugeluecht sinn an eisem Regierungsprogramm, wou mer soen, datt mer mussen op e puer Aart a Weisen och d'Schoul hei zu Lëtzebuerg kënnen organiséieren, fir deene villfältegen Erausfuerderunge kënne gerecht ze ginn.

Villmools Merci lech alleguerte fir déi ganz breet Zoustëmmung, ganz besonnesch dem Här Rapporteur an och all deene Leit, déi soss an der Schoul an am Ministère um Projet geschafft hunn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6629 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6629 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

59 Deputéiert hunn un der Ofstëmmung deelgeholl: 56-mol Jo, bei 3 Enthaltungen, déi zur Genüge motivéiert sinn.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Paul-Henri Meyers), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An ech géif d'Chamber, nodeem de Projet ugeholl ass, just nach froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn.

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

Mir géifen zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung vun haut de Mëtten iwwergoen, dem Projet de loi 6670 iwwert d'Studiebäihëllefen. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Hansen, den Här Eugène Berger, d'Madame Bofferding, den Här Claude Adam, den Här Roy Reding an den Här Turpel. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madame Simone Beissel.

4. 6670 - Projet de loi concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.-* Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, dass ech am Ufank vun dësem Rapport eng perséinlech Note maachen. Wéi ech déi lescht Deeg an Nuechten - well ech ganz vill Fussball gekuckt hunn - déi Interventioun hei preparéiert hunn, dunn ass meng Studienzäit esou wéi e Film viru mengem „inneren Auge" ofgelaf an dunn hunn ech fonnt, mat all de Schwieregkeeten, déi mer haten, dass et awer eng ganz schéin Zäit vu mengem Liewe war. Mir hu vill geléiert, mir hu gekämpft, mir hu gefeiert, mir hu gelidden, mir hu geléiert, d'Fauscht an der Täsch ze maachen, op d'Zänn ze bäissen. Mir krute Selbstvertrauen, mir kruten der heiansdo op d'Noss an dann ass et erëm virugaangen. Mir hu geléiert falen an erëm opstoen.

Et ass net nëmmen eng Schoul, déi e gudde Kapp soll maachen a vill Wësse vermëttelen, mä et ass och eng Liewensschoul, an ech mengen, alleguerten déi vun lech heibannen, déi och d'Chance haten, fir universitär Studien ze maachen, si mat mir d'accord. Ech hu sechs Joer studéiert, ee Joer hei zu Lëtzebuerg - wéi et déizäit da war - um Cours an duerno fënnef Joer a Frankräich, mech duerch zwee Diplomer geplot an déi dann och kritt. An, wéi gesot, et war eng schéin Zäit.

Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass een an deem Secteur hei ëmmer alles mécht, fir dass d'Studente kënnen héich Schoule maachen. Dir wësst, dass mer och am Souci si vun „Europa 2020", wou mer sollen en héijen Niveau vu Connaissancen, vu Wëssen zu Lëtzebuerg vermëttelen, an dat ass gutt esou.

Am Koalitiounsaccord vum Dezember 2013 steet am Kapitel vun der Héichschoul: «L'avenir du Luxembourg se construit dans les niches de compétence, la „matière grise" constituant désormais sa première „ressource naturelle".»

Eng staark Ausso, wann ee kuckt, vu wou mer kommen. Nom industriellen Zäitalter ass d'Matière grise elo de Suppléant. Dofir ass déi Reform, déi mer haut diskutéieren an ofstëmme sollen, an der Ligne directe vun deenen Aussoe vum Koalitiounsaccord.

Allgemeng ass ze soen, dass déi Studiebäihëllefen extrem wichteg sinn. Et geet jo drëm, fir de Jonken en Universitéitsstudium ze erlaben, fir se ze motivéieren, dat ze maachen. Et geet och drëm, dass mer, wéi ech scho gesot hunn, esou vill wéi méiglech Leit hu mat enger optimaler Ausbildung a mat héijer Qualifikatioun.

Zënter Joren, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wësst Der, dass mer zu Lëtzebuerg eppes hunn, wat een u sech den „paradoxe luxembourgeois" nennt, an notamment bei eisem Aarbechtsmaart: Op där enger Säit kreéiere mer all Joer Dausende vun Aarbechtsplazen a parallell dozou klëmmt de Chômage op ni gekannten Héichten. Mir leie momentan bei 17.810 Leit ouni Aarbecht, en Taux vu 7,3%, deen alarmant ass. Bon, en hält sech momentan am Grëff. Domat sinn nach net déi 5.000 Leit, déi a Beschäftegungsmesurë sinn, ëmfaasst, mä wat wichteg ass haut an deem Kontext hei, dat ass, dass bei deene 17.810 Leit der 2.026 ënner 25 Joer sinn, dat heescht 11,3%!

Mir leien nach gutt, wann Der kuckt, wat am Süden an de grousse Stied vun Europa lass ass. Mä trotzdeem, et muss een terribel oppassen, well et geet jo ëm d'Zukunft vun eise jonke Leit.

Elo e puer fundamental Remarquen: Déi heiteg Reform vun de Studiebäihëllefen ännert näischt um Grondprinzip vun dësen Hëllefen. Haaptzil ass et weiderhin, fir méiglechst ville Jonken den Accès zu engem Héichschoulstudium ze erméiglechen. Och ass d'Autonomie vun deem Jonke beim Choix sougutt vu sengem Studiefach gradesou wéi vum Land oder der Stad, wou e wëllt studéieren, net duerch déi Reform hei a Fro gestallt.

Wat nei ass, dat ass, dass déi reell Liewenskäschten an déi individuell Situatioun vun deenen eenzelne Studente berücksichtegt ginn. Déi nei Bourse de mobilité soll doniewent déi international Mobilitéit encouragéieren, andeems en Deel vun de Käschte fir d'Locatioun vun engem Zëmmer oder enger klenger Wunneng dee Moment berücksichtegt gëtt.

Fir Lëtzebuerg ass et besonnesch wichteg - mir wëssen dat, mir sinn e klengt Land -, dass mer d'Nues iwwer eis Grenze stiechen, an och eis jonk Leit. An et ass jo ëmmer nach gewosst, dass eng ganz grouss Majoritéit vun eise jonke Leit an d'Ausland studéiere ginn.

D'Bénéficiairë vun den Hëllefe bleiwen déiselwecht, wéi se am Gesetz vum 22. Juni 2000 virgesi waren. Fir allerdéngs eng Diskriminatioun ze évitéieren, gouf d'Notioun vun dem „travailleur" erweidert.

Fazit, zwou Aussoen: Éischtens, dës Reform ass zukunftsorientéiert. Och an Zukunft ka jiddereen dat studéieren, wat e wëllt, an do studéieren, wou e wëllt. Opgrond vun der, wéi Der wësst, awer trotzdeem schwiereger oder op d'mannst prekärer Finanzsituatioun vum Lëtzebuerger Stat ass et awer esou, dass ee Moment komm ass, wou de System net méi ze finanzéiere war, an et ass gesot ginn, mir mussen elo mat manner Suen auskommen.

Zweet Ausso: D'Reform ass solidaresch. Weiderhi bleift de System vun den Hëllefen ee vun deene generéisten iwwerhaapt, an dat ouni dass d'Zukunftschancë vun den aktuellen an zukünftege Studenten ageschränkt ginn, an zweetens, esou dass déi Leit, déi momentan mathëllefen, de ganze System ze finanzéieren, net zousätzlech Käschte kréien.

Här President, ech wëll awer fir d'Verständnis, firwat déi Reform, déi mer haut diskutéieren, esou ausgefall ass, wéi se ausgefall ass, e